Leif Veiner Leit,

Mir sënn den Moien all zesomen hei hinner komm, fir isen Nationalfeierdag ze feieren an fir uan den Grand-Duc Henri an sein ganz Famill ze dinken.

Mir fräen is allegor, dass is Hämicht Lëtzebuerg en fréit Land ass, selbsbststänndig an respektiert an der ganzer fréier Wëlt.

Mir sënn awer de Moien och hei, fir is ze besënnen op daat, waat is wichtig ass an daat waat is allegor zesomen heelt. An daat ass is Hämicht, ist Veinen , ist Lëtzebuerg.

Mir haalen zesomen wann et ink gëtt, an daat micht is ous! Mir sënn solidarisch an hëllefsberäd, égal waat kënnt, well d'Geschicht is geléiert hott, dass daat Alles ass, wu än drop zielen kann !

Viruan äm Jor stunge mer hei op dëser Plaz, an honn is druan erënnert, dass mer zesomen Corona iwerstanen haten, mir honn d'Leetzt Jor druan erënnert, dass di Veiner Leit dem Victor Hugo Asyl ginn honn, wi en ous Frankréich hott missen flüchten, mir honn uan déi Lait gedoocht déi ennerdréckt ginn.

Mir honn vuan där ëmmer mi tragischer Emwëltkrise geschwaat, déi mer nëmmen kënnen mästeren, wann mer all zesomen haalen an jiddferän daat micht, waat en matt sainen Miiglichkäten kann machen, nët nëmmen fir sëch selwer, mä fir is all - an besonnich fir is Kanner!

Vuan genau där Emwëlt-Krise gufen mer dunn 3 Wochen no Nationalfeierdaag massiv getrof, wi den 14. an den 15. Juli en terribelt Hiichwasser duerch is Stad gaangen ass, wi et di leetzt 100 Jor nooch känt guf.

Daat hott is gewiisen, wu d'Räs hingäd, wann mer nët handelen an ëmmer weider op besser Zéiten worden.

Des Emwëltkatastrophe hott grussen Misär fir vill vuan isen Mattbierger brocht. Den Grand-Duc Henri an d'Innenministisch Taina Bofferding kumen is kuerz no däm Disaster beséichen an honn is Courage gemach.

Déi Deeg honn gewisen, `waat Solidaritéit an Zesomenhalt tëschend is allegor bedeiten.

Ech soen Eech dorfir Allegor haut am Nom vuam ganzen Gemänerot op en Nai's en grussen Merci an méin déifsten Respekt fir är Hëllef an är Mënschlichkät vis-à-vis vuan dänen Veiner, déi daat Jorhonnert-Hiichwaasser esu schlëmm getrof hott.

Is Gedanken sënn haut och béi hinnen, an béi all dänen Leit an isem Land, déi di Mint no där terribeler Katastrophe vill honn missen schaffen fir erëm op d'Bän ze kommen.

Den 12. Februar dëst Jor honn mir dunn op der Plank, béim Monument fir is Befreier, den neien amérikanischen Ambassadeur empfaangen, däm sain ischt offiziell Zérémonie zu Lëtzebuerg hän op Veinen gefouert hott.

Uan sëch kënnt ech Eech elo erzielen, wi flott an emouvant déi Feier war, wi wichtig et ass, den grussen Sacrifice vuan den Leit ous där Zeit, viruan 77 Jor nët ze vergässen, wi flott den Documentaire ass, dän iwert d'Befreiung vuan iser Stad produziert guf…an esu waider…

Mä Léif Leit, Léif Veiner : Et ass mir nët dorno !

Viruan 4 Mint stungen mer zesomen matt villen vuan Eech do uewen beim Monument fir den 11 Zaldoten ze gedinken, déi den Februar 1945 bei der Befreiung vuan iser … zerschossener an zerbombter kläner Stad hiert Liäwen geloss haten.

Mir honn vuan dänen geschwaat, déi viruam Kréich honn missen fortlaafen, déi hir Hämicht ni méi erem geséien honn! Mir honn uan déi erënnert, déi grausam embroocht gufen fir en Idéologie an en fanatischen Grisstenwahn vuan em Despot.

Mir honn dänen gedoocht, déi sich fir ist Land angesaat honn. Mir honn isen déiwen Respekt gewiesen fir déi , di hiert Liäwen fir is Fréihät geloss honn – an fir déi, di gekämpft honn fir em Diktator d'Stier ze béiden.

An elo …trotz allen Beméiungen vuan isen Elteren an Grusselteren an iser ganzer Gesellschaft ,

elo, trotz dausenden Gedinkfeieren an Mahnmaler,

elo, no all miglichen Efforen, fir dass nie méi esu en Kréich ewi dämols viran 80 Jor sich an Europa widerhëllt

stinn mer elo verzweifelt viruan äner mënschlicher Katastrophe,

an mir geséien, dass en Machthaber, trotz däm ganzen Misär dän d'Leit dämols -och an seinem Land- erliden haten, scheinbar néist geléiert hott.

Léif Veiner Bierger,

Et gäd mir selwer ewi eech allegorten och! Wann is haut irgend eepes kann Hoffnung ginn, dann ass dat Geféil ze wëssen, dass mer nëmmen zesomen eepes kënnen geent den Terror an den Misär maachen wann mer uan is Werter gläwen.

Mir honn en gemeisam Iddi déi mi storék ass, ewi den Egoïsmus vuan em geféil-losen Autokrat an Egozentriker.

Dëse Nationalfeierdaag soll en Zäche seetzen, dass mer Zesomen kënnen vill errächen, dass mer zesomen an äner Gesellschaft liäwen, déi en Ierengeféil hott, an déi fir Respekt, Toleranz an Mënschlichkät städ.

Mir stinn all zesomen hannert isem Hämichtsland an hannert seiner Politik, déi is d'Geféil gët, dat richtigt ze maachen fir d'Gerechtigkät an iser Gesellschaft an fir den Fridden ënnert den Mënschen , geent den Haass an geent den Egoismus.

Léif Allegor,

Mir honn hei zu Veinen en Zächen vuan Solidaritéit gesat - ewi nët vill Lëtzebuerger Gemänen et gemaach honn.

Mir honn den Kréichsflüchtlingen ous der Ukraine no däm barbarischen Iwerfall vuan hierem Nopischeland op hier Hämicht direkt an kompromisslos en Zouflucht gän an op vill aaner Manier gehollef.

Ech soen dohär am Nom vuam Gemänerot och allen Veiner Leit en grussen Merci fir hier Ennerstëtzung an hieren Engagement fir di vill ukrainisch Bierger an Mënschen ous aaneren Leener,

déi honn missen vuan Dohäm fortlaafen, esu ewi vill Lëtzebuerger viruan 83 Jor uam Uafank vuam 2. Wëltkréich et honn missen maachen.

Dësen Zesomenhallt brouchen mer och waider, wäll dëse Kréich betrëfft is all !

Esu ewi di weltwéit Corona-Pandémie, esu ewi di global Emwëltkrise, weisst dësen idiotischen Kréich wi ofhängig mir allegor än vuan däm aaneren sënn.

Mir mussen hoffen an dorfir kämpfen, fir dass Europa an dësem Kréich nët duerch Egoïsmus an Nationalismus zerroppt gëtt!

Dorfir musse mer als Lëtzebuerger Land no boussen weisen, dass än matt Zesomenhalt an Mënschenléift op laang Siicht mi erächt ewi matt Waffen an Gewalt.

Mir duerfen is Fréihät nët opginn - an mir mussen dänen hëllefen, déi umgaang sënn, hier Fréihät ze verléieren.

„ Mir wëlle bleiwen waat mir sinn…“

Dorfir stiäwen am Osten vuan Europa an der Ukraine zanter 4 Mint all Daag Mënschen.

Och elo -haut- wu mir hei stinn, wu mir hei häm is Fréihät feieren,

stiäwen Mënschen, Fraen an Männer, Kanner, Leit ewi mir!

Och si wëllen bleiwen waat si sënn, och si wëllen den Wee fannen “... zum éiweg ‘grousse Völkerbond…” zu Europa, zu em fréien an sëcheren Liäwen.

Wann mir hinnen nët hëllefen, sënn mir nët besser ewi déi, déi grad probieren, hinnen hier Hämicht eweeg ze hollen !

Den Unkraier hieren Kampf gäd is all eepes uan, well si maachen daat och fir is! … fir is Hämicht.

Mir duerfen nët vergässen, dass is Freihät nët geschinkt ass, an dass mer haut nët kinnten hei feieren, wann nët anerer, di dämolisch Alliert - an viruan Allem daat amerikanischt Vollék nët och gruss Sakrificer fir is gemaach heeten…

Egoïsmus an Gléichgültigkät sënn hai falsch op der Plaz! Den ukrainischen Leit hier Verzweifelung muss is beréieren…

Is humanitär an démokratisch Werter gëllt et elo ze verteidigen, ier et ze spitt ass - esu ewi daat viruan 83 Jor well en Kéier geschéit war!

D’Geschicht weist is, dass Respekt an Solidaritéit de richtigen Wee sënn!

Isen Nationalfeierdag ass dorfir nët nëmmen d’Fest vuan Grossherzogsgebuertsdag,

mä et ass och d’Fest vuan iser Fréihät, iser Gesellschaft an isem Zesomenhalt,

Mir soen dorfir haut och all ‘dänen Merci, déi sich fir is Gesellschaft anseetzen, isen Matuarbichter vuan der Gemän, isen sozialen Déinster, isen Matmënschen an Nooperen, an all dänen ‘villen Léit déi all Dag mat klänen an grussen Gester än däm aaneren hëllefen an zesomenstinn.

Léif Veiner,

Erlabt mer zum Schluss, haut op Großherzogsgebuertsdag,

dem Grand-Duc Henri an seiner ganzer Famill

an ärem Nom an am Nom vuam ganzen Gemänerot

éisen déiwen Respekt an is oprichtig Dankbarkät ouszedrécken,

verbonnen mat isen besten Wënsch.

Ech wënschen Eech allegor en schinnen Nationalfeierdag

… bleiwt gesond, ... an halt zesomen !

Vive den Grand-Duc! Vive di Großherzoglich Famill! Vive Lëtzebuerg! Vive Veinen!